N°2459
Entrée le 18.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°2459 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Georgen iwwert «Position du gouvernement sur l'électromobilité».**

Den honorabelen Deputéierten stellt Froen iwwert d'Positioun vun der Regierung zu der Elektromobilitéit an d'Entwécklung vum Fuerpark vun der Regierung.

1. **Ass d'Regierung vun den Virdeeler vun den Elektroautoen, wéi vu der Ministesch erklärt, iwwerzeegt?**

D'Regierung ënnerstëtzt voll a ganz d'Ziler, déi am nationalen Energie- an Klimaplang (PNEC) am Beräich vun der Elektromobilitéit fir den Zäitraum 2021-2030 festgeluecht goufen. Mir halen eist Engagement fir eng nohalteg an dekarboniséiert Mobilitéit.

Och wa mir oppe fir all Technologië sinn, déi zu dëser Transitioun bäidroe kënnen, dorënner Waasserstoff, Biokraftstoffer oder Hybrid-Undriff, stelle mir fest, datt Elektroautoen aktuell déi effizientst Léisung duerstellen, fir de klimateschen Erausfuerderungen an enger héijer Loftqualitéit gerecht ze ginn.

Dës Technologie bitt vill Virdeeler: eng bedeitend Reduktioun vu $CO_2$-Emissiounen iwwer de ganze Liewenszyklus, eng héich Energieeffizienz an niddreg Benotzungskäschten fir d'Fuerer. De Marché vun der Elektromobilitéit entwéckelt sech séier a positiv, souwuel op der Produktiouns- wéi och op der Demandesäit.

Schlussendlech ënnerstëtzt d'Regierung weiderhin de Kaf vun Elektroautoen souwéi den Ausbau vun der Luedinfrastruktur ënner anerem duerch finanziell Hëllefen aus dem Fonds Climat et Énergie, ergänzt duerch fiskal Moossnamen.

2. **Ass d'Mobilitéitsministesch dovunner iwwerzeegt, dass d'Elektroautoe besser si wéi d'Verbrenner? Falls jo, wäert d'Regierung sech op EU-Niveau dofir asetzen, dass de VerbrennerAus gekippt gëtt, well wann d'E-Autoe besser sinn, brauch et jo kee Verbuet?**

D'Ënnerstëtzung fir elektresch Gefierer ass keng Fro vu perséinlecher Preferenz, mee eng klimatesch Noutwendegkeet. Den Transportsecteur verursaacht e groussen Deel vun de $CO_2$-Emissiounen, an d'Dekarboniséierung ass essenziell, fir eis Klimaziler z'erreechen.

Wëssenschaftlech validéiert Studie weisen däitlech, datt Elektroautoen iwwert hire ganze Liewenszyklus vill manner Emissioune produzéieren wéi thermesch Gefierer, och wann een d'Batterieproduktioun berécksiichtegt.

Dofir geet et beim geplangten Enn vun den thermesche Motoren net ëm Ideologie, mee ëm eng néideg, wëssenschaftlech begrënnten Decisioun am Déngscht vum Klima an eiser Gesellschaft. Mir wäerten dofir och weiderhin déi Engagementer ënnerstëtzen, déi um europäeschen Niveau geholl goufen. Mir lauschteren natierlech och op d'Erwaardunge vun de Bierger*innen an den Acteuren um Marché.

**3. Wéi vill reng Elektroautoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?**

Et befannen sech aktuell 4 réng elektresch Autoen am Fuerpark vun der Regierung. De Rescht vun den Autoen déi den Regierungsmemberen zur Verfügung stinn sinn 14 Plug-in Hybrid Autoen. Et ass weiderhin d'Zil fir de gesamte Fuerpark vun de Regierungsmembere CO2-emissiounsfräi ze kréien, allerdéngs ass et aus operationellen a sécherheetstechnëschen Grënn momentan net méiglech op eng reng elektresch Flotte ze setzen.

**4. Wéi vill reng Elektroautoe goufen zënter 2024 ënnert der aktueller Regierung bäikaf?**

Zënter 2024 goufen 126 reng Elektroautoe vum Staat bäikaf. Fir d'Regierungsmemberen ass keen neien Elektroauto ugeschaaft ginn.

**5. Wéi vill Autoen befannen sech insgesamt am Fuerpark vun der Regierung?**

Et befannen sech aktuell am ganzen 42 Autoen am Fuerpark vun der Regierung. Dozou gehéieren déi 18 Autoen fir d'Regierungsmemberen. Déi aaner 24 Autoen stinn dem Service de protection du gouvernement zur Verfügung.

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes